LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 23 mars 2021

REÇU
Par Alff Christian , 10:57, 24/03/2021

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe, la réponse commune des Ministres impliqués à la question parlementaire n° 3773 posée par l'honorable Député Monsieur Fred Keup.

Jean Asselborn

**Gemeinsam Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister a vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Ufro Nummer 3773 vum honorabelen Députéierten Här Fred Keup**

Fir d'Ursaache wisou Persounen aus Drëttstaaten an hiert Hierkonftslänner zeréckbruecht ginn, sief op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro 1042 vum 16. September 2019 verwisen. D'Unzuel u Réckféierunge an Destinatioun sinn am rezente Bilan iwwert d'Immigratioun, den Asyl an den Accueil, deen och der Chamberkommissioun den 1. Mäerz 2021 presentéiert gouf, ze fannen.

Bei de fräiwëllege Réckféierungen, ass et der Persoun selwer iwwerlooss wei een Transportmëttel si well huelen. Bei den forcéierte Réckféierunge gëtt op Linnen-an Charterflich zréckgegraff.

Wéi vill Polizisten un enger forcéierter Réckféierung deelhuelen hänkt vun der Unzuel u Persounen of, déi musse begleet ginn. Wéi laang sech d'Polizisten am Ausland ophalen, hänkt vun der Destinatioun of.

Wat d'Entschiedegungen ubelaangt, gëllen aktuell de Règlement du Gouvernement en Conseil du 18 décembre 2020 fixant les indemnités prévues aux articles 16, alinéa 1er, 18 et 20, paragraphe 1er, du règlement grand-ducal du 14 juin 2015 sur les frais de route et de séjour an den Accord ministériel relatif au temps de travail et de repos dans la Police vum 17. Juni 2019.

D'Grënn firwat Réckfeierungen oofgebrach ginn, sinn ganz villfälteg.